



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vum Här Wunnensbauminister op d'parlamentaresch Fro n°7162 vum 11. November 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Déi vum honorabelen Deputéierte gestallte Froen zilen all drop of fir Renseignement ze kréien iwwert de privaten Immobilie-Besëtz vun de Regierungsmemberen an de Conseilleren. Esou Renseignement sinn engem besonnesche rechtliche Kader ënnerstallt, deen am Deontologie-Codex fir d'Regierungsmemberen an d'Conseilleren festgehalten ass. Dëse Codex gesäit ee vum Conseil de l'Europe gepréiften a validéierte Mechanismus vir, laut deem esou Informatiounen just dem Comité d'éthique zougängelech sinn.

Doriwwer eraus stellt den honorabelen Deputéierten och d'Fro, ob souwuel de Logementsminister wéi aner Regierungsmemberen perséinlech kéinten, duerch den neien Koeffizient méi héich Loyerer duerch d'Ëmsetzung vum Projet de loi 7642 "Mietgesetz" froen. Dëst ass eng reng spekulativ Fro. D'Regierung ennersträicht awer ausdrécklech, dass eng Hypothèse, an där eng gesetzlech Reform och engem Regierungsmember géif en Avantage bréngen, dëst keen Interessens-Konflikt duerstellt nëmmen doduerch well dee Regierungsmember en Deel vun der ganzer Populatioun ass déi och kann esou en Avantage dovunner hunn. Dësen allgemenge Prinzip fënnt sech zum Beispill och am Artikel 3 (1) vum Code de conduite fir d'Deputéieren erem.

Lëtzebuerg, de 5. Dezember 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL